N°2564
Entrée le 04.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2564 vum 3. Juli 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro ob déi lëtzebuergesch Autoritéiten iwwer d'Schied un der Autobunnsbréck tëscht Perl a Schengen informéiert goufen, wat d'Auswierkunge fir de Verkéier sinn, wéi et ëm d'Sécherheet vun der Bréck steet a wéini Reparaturen ze erwaarde sinn.

*Fro 1: Goufen déi lëtzebuergesch Verwaltungen iwwert dëse Problem informéiert?*

Jo, déi däitsch Autoritéiten hunn d’Stroossebauverwaltung de 25. Juni 2025 informéiert.

*Fro 2: Wéi wäert sech dës Situatioun op den Trafic um Grenziwwergang a speziell op der A13 auswierken?*

Iwwert d’Annoncë vum leschte Freiden eraus, ass et aktuell net méiglech, weider Aussoen iwwert déi zukünfteg Entwécklung vum Trafic ze maachen, well déi technesch Analys vun den däitschen Autoritéiten nach net ofgeschloss ass.

*Fro 3: Wéi steet et ëm d'Stabilitéit an d'Sécherheet vun der Bréck?*

Déi däitsch Autoritéiten iwwerpréiwen op Basis vun enger Inspektioun, déi nach net ofgeschloss ass, d‘Stabilitéit vun der Bréck. D’Sécherheet ass aktuell awer iwwert déi ugewannte Restriktioune garantéiert.

*Fro 4: Huet d'Ministesch Informatiounen, bis wéini d'Bréck geflickt wäert ginn?*

Am Moment kann nach keng Ausso iwwert d'Dauer oder den Ufank vun eventuelle Reparaturaarbechte gemaach ginn. Déi däitsch Autoritéite féieren nach déi néideg Analysen duerch, op deenen d’Festleeë vun de weidere Moossname baséiert.

Luxembourg, le 1 août 2025

La Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

(s.) Yuriko Backes